



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur, Gläichheet tëscht Fraen a Männer, Bildung, Famill an Integratioun & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

An de leschte Joren huet d'Regierung eng sëllege Schrëtt ënnerholl fir d'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg méi accessibel ze maachen. D'Famillje goufe finanziell entlaascht andeems d'Kannerbetrieungsstrukturen (Crèchen, Maisons relais, Foyer du Jour) duerch Bähëllef vum Chèque Service Accueil (CSA) méi abordabel gemaach goufen. Des Weidere steigt d'Unzuel u Betrieungsstrukturen konstant, wat et ëmmer méi Elteren erlaabt Gebrauch vun dëse Servicer ze maachen.

Leider ass et esou, dass d'Ëffnungszäite vun de Crèchen et villen Eltere nach ëmmer schwéier bis onméiglech maachen, d'Strukturen ze notzen. Ee Groussdeel vun de Crèchë maache fréistens um 6h30 hir Dieren op a schlësse schonn um 18h00, voire 19h00. Och d'Dagesmammen an d'Mini-Crèchen, déi dacks méi kaschten, wéi d'Crèchen, decken dëse Manktem net. Ee groussen Deel vun eiser Gesellschaft schafft leider net no de classesche Bürozeiten vun 8h00-17h00, mee och bis 20h00 oder méi spët.

D'Madamm Ministesch fir d'Famill huet an der Chamberssëtzung vum 18. Juni 2019 hir Positioun verdeedegt, dass d'Fra net muss wielen tëscht schaffe goen a Kanner kréien, mee dass si sech mat Hëllef vun der staatlecher Kannerbetreiung emanzipéiere kann. Déi aktuell Auerzäiten an de Kannerbetrieungsstrukturen stinn dëser Visioun allerdéngs aktuell am Wée.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Besëtzt d'Regierung Kenntnis dovunner, dass d'Auerzäiten, déi aktuell an der Kannerbetreiung existéieren, et ville Mënschen net erlaabt Gebrauch vun de Kannerbetrieungsstrukturen ze maachen?
2. Fir wéi vill Kanner gouf 2017, 2018 an 2019 eng Demande fir den CSA gemaach? Wéi vill Kanner, deenen hir Demande akzeptéiert gouf an déi esou vum CSA profitéiere kéinten, sinn aktuell net an enger Kannerbetrieungsstruktur ageschriwwen?
3. Wéi vill Kanner profitéieren aktuell vum CSA? Mat wéi ville Kanner rechent d'Regierung fir d'Joren 2020 an 2021?
4. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuele fir d'Ëffnungszäite vu Kannerbetrieungsstrukturen un d'Besoinen vun der Bevëlkerung unzepassen? Wäert d'Regierung heizou legiferéieren? Huet d'Regierung schonn Bähëllef, déi méi laang Ëffnungszäiten promovéieren, als Optioun consideréiert?
5. Wéi vill Demande goufe säit dem leschestem Joer fir Mini-Crèchen agereecht? Wéi vill



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

vun deenen Demandë goufen accordéiert? Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Mesure de Problem vun den Auerzäite geléist huet oder a noer Zukunft léise wäert?

6. Wéi vill Demande goufe säit dem leschtem Joer fir Mini-Crèchen agereecht? Wéi vill vun deenen Demandë goufen accordéiert? Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Mesure de Problem vun den Auerzäite geléist huet oder a noer Zukunft léise wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu